# Chaos Computer Club Lëtzebuerg A.S.B.L.

Den C3L ass eng beim RCSL registréiert, Lëtzebuergesch Vereenegung ouni Gewënnzweck (A.S.B.L.).
**Registernummer:** F0007653
**Statuten:** statutes.c3l.lu.

Den Chaos Computer Club Lëtzebuerg ass deen 23 Mee 2008 gegrënnt ginn. Hei fannt der méi Informatiounen doriwwer: Geschicht.

## Kontakt

**C**haos **C**omputer **C**lub **L**ëtzebuerg, A.S.B.L.
Hall Victor Hugo
Reim 201 & 203 (2ten Stack)
60 Avenue Victor Hugo
L-1750 Lëtzebuerg

**Email:** info@c3l.lu (GPG-ID: 0x654C9F1D)
**Press:** press@c3l.lu (GPG-ID: 0x654C9F1D)
**Telefonsnummer:** +352-27-40-20-30
**Twitter:** @c3l_
**Internetsäit:** c3l.lu

Déi meescht vun eis schwätzen Lëtzebuergesch, Däitsch, Englesch an/oder Franséisch. Schreif eis an där Sprooch déi Iech am beschten läit! (Am meeschten Gléck hu der awer bei LB/EN)

## Iwwert eis

De Club huet sech folgend Ziler ginn:

- Ënnerstëtzung vun der Kommunikatiouns- an Informatiounsfräiheet
- Analyséiere vu Systemer a Warnungen un déi Betraffe schécken
- Bildung am Beräich vun den neien Technologien an dem Dateschutz
- Technesche Virwëtz vu komplexe Systemer ausliewen
- Fërderung vum fantasievollen a kriteschen Ëmgang mat Technologie
- Hëllefsstellung a Berodung bei techneschen a rechtleche Froen am Kader vun de gesetzleche Méiglechkeeten.
- Zesummenaarbecht an Austausch mat Nationalen- an Internationale Gruppéierungen, deenen hier Ziler mat deene vum Veräi vereenbar sinn.
- D'Stäipen an d'Stäerkung vun de Bierger- a Mënscherechter.

Mir halen eis ganz strikt un d'Hacker Ethik:

1. Den Zougang zu Computer an allem, wat engem weise kann, wéi des Welt funktionéiert, soll onbegrenzt a vollstänneg sinn.

2. All d'Informatioune musse fräi sinn.
3. Mësstrau Autoritéiten. Fuerder Dezentraliséierung.
4. Beuerteel een Hack no deem, wat e mécht, a net no Kritären ewéi Ausgesinn, Alter, Hierkonft, Spezies, Geschlecht oder gesellschaftlech Stellung.
5. Mat engem Computer kann ee Konscht a Schéinheet schafen.
6. Computer kënnen däi Liewen zum Bessere veränneren.
7. Verknascht aner Leits Daten net.
8. Ëffentlech Daten notzen, privat Date schützen.


# Mat eis an Kontakt bleiwen

Den éischten Kontakt mat eis ass gemaach? Wann Dir wëllt mat aneren Memberen aus dem Veräin a Kontakt kommen oder matkréien wat sou am Veräin lass ass, dann fannt dir ob der Säit "Kontakt zur Communautéit" méi Informatiounen!

# Club Organer

Déi folgend Club Organer sinn am Detail ob de jeeweilege Säiten erkläert. Dëst ass awer **keng** Hierarchie Struktur.

<imgcaption label|Organisatiounsdiagramm></imgcaption>




- Generalversammlungen
- Virstand
- ChaosMeetings
- Kommissiounen
- Memberschaft
- Aktivitéits Rapport

# Finanzen

## Spenden

De Club lieft vun spenden. Wann Dir eis Aarbecht wäertschätzt, kënnt Dir eis gären e klengen Don maachen.

### Transparenz Rapport

En transparenten Finanzrapport ass Deel vun eisem Konzept, domat jiddereen weess wéi eis Suen gebraucht ginn a wou se hier kommen.

### Finanz Audit

Op der uerdentlecher Generalversammlung gëtt een Finanz Audit vun 2 onofhängegen Keesepréifer gemaach. Keesepréifer kënnen dobäi keen Member vum Verwaltungsrot sinn.

## Pressernimmungen vum an iwwert den C3L

Wann Dir gären déi jeeweileg Pressernimmungen kucken/liesen wëllt, dann fannt der déi op eiser Säit vun der Press.

## Partner

* Eng Iwwersiicht

## Logo

All't Logoen vum Veräin sinn CC lizenzéiert. Dir fannt se als SVG oder PNG Datei hei: logos.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:about&rev=1562350281**

Last update: **2019/07/05 20:11**